



# Aarteräich Wisen an eiser Gemeng



**Wat versteet een ënnert extensiv genotzte Wisen?**

Extensiv Wise gi méi seelen a méi spéit geméit, an der Reegel zwee bis dräi Mol am Joer. Dës extensiv Wise sinn däitlech méi aarteräich wéi reegelméisseg geméiten (intensiv) Wisen. Duerch dat extensivt Méie kënne Blummen a Kraider bléien an Nektar a Polle fir Insekte produzéieren.

**Wat sinn d'Virdeeler vun extensive Wisen?**

Vill méi verschidde Planzen: Den extensiven Ënnerhalt féiert zu der Restauratioun an der Creatioun vun ënnerschiddleche Biotoper a Vegetatiounsformen. Et kommen also divers Planzen a Kraider op.

Vill méi verschidden Déieren: Verschidde Planzen zéie verschidden Déieren un. Etüde weisen, datt d'Zuel vun ënnerschiddlechen Insekten an enger extensiver Wiss bis zu 5 mol méi grouss ass wéi an enger intensiver Wiss. Doduerch ginn och aner Déieren ugezunn, zum Beispill Vigel wéi den Neimäerder oder Reptilie wéi d'Éibes.

Einfach a käschteneffizient: Den extensiven Ënnerhalt ass eng Mesure, déi zu enger séierer a massiver Erhéijung vun der Biodiversitéit féiert, mee dobäi kaum Aarbecht an Zäit erfuerdert.







Eng intensiv geméite Wiss (lénks) bitt wéineg Diversitéit fir Planzen an Déieren am Verglach zu enger extensiv genotzter Wiss (riets).

**Weider Mesure vun der Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg fir d'Biodiversitéit am ëffentleche Raum ze fuerderen**

- Keng Pestiziden
- extensiven Ënnerhalt a ville Grénganlagen a Stroosseninselen
- Installatioun vun Insektenhoteller
- Gebrauche vu Som aus lëtzebuergeschem Ubau

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

**Wéi eng einfach Mesure kann ech doheem ëmsetzen?**

An der Infographik vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg op der nächster Säit fannt Dir eng Rei Tipps, wéi Dir doheem insektefrëndlech méie kënnt. Nieft dem grousse Virdeel, datt Dir domat d'Biodiversitéit ferdert, spuert dat och nach Zäit an Aarbecht.




Commune de MERTERT · NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech · natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

Text a Layout: Joy Mentgen